N° 4818
Reçue le 10.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Sou wéi et mir zougedroe gouf, verfüge Leit, déi doheem vun hirer Famill als Fleegefall versuergt ginn, net iwwer d'Méiglechkeet sech och doheem impfen ze loossen, well si domat net zu engem Netzwierk vun der sozialer Fleeg gehéieren. Wann déi Leit opgrond vun ageschränkter Mobilitéit iwwer keng Méiglechkeet verfügen an den Impfzentrum ze gelaangen hu si net onbedéngt nach eng Méiglechkeet fir sech impfen ze loossen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Froe stellen:

1) Sinn der Madamm Minister sou Virgäng bekannt?
2) Wann d'Äntwert op d'Fro virdru jo ass, wéi gedenkt si deene Leit ze hëllefen, dat och am Hibléck dorop, datt vu Säite vun der Regierung eng réckgängeg Impfbereetschaft vun der Bevëlkerung beklot gëtt?
3) Besteet d'Méiglechkeet, datt déi Leit sech kéinte bei engem mobillen Impfdéngscht umellen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°4818
Reçue le 03.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 3 septembre 2021

**Réf. :** 839xd2cde

**Concerne**: Question parlementaire n° 4818 du 10 août 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4818 du 10 août 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "Vaccination de personnes soignées à domicile".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4818 du 10 août 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant "Vaccination de personnes soignées à domicile".**

Den Comité de Pilotage deen zoustänneg ass fir d'Impfungen huet virun e puer Méint Prozeduren definéiert, déi och vum Regierungsrot validéiert goufen, fir datt déi Leit, déi duerch medezinesch Grënn sech net an en Impfzentrum deplacéieren kënnen, sech och impfen loossen kënnen.

An enger éischter Phase konnten dës Leit eng Demande maachen fir vun den mobillen Impfekippen geimpft ze ginn. Säitdeem eng ganz Réi liberal Dokteren d'Impfung awer och an hiren Privatpraxen ubidden an och bei hier Patienten heem ginn fir Impfungen ze maachen kommen déi mobil Impfekippen dir dës Leit net méi zum Asaz.

Léit déi doheem gepfleegt ginn an net bei engem Réseau d'aides et soins affiliéiert sinn hunn deemno elo d'Méiglechkeet op en liberalen Dokter zeréck ze gräifen deen d'Impfung bei dës Leit heem maachen kënnt. Eng Lëscht vun den Dokteren déi dës Méiglechkeet ubidden kann een um Site covid19.lu fannen.